LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Luxembourg, le 13 JAN. 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 JAN. 2015

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 LUXEMBOURG

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe une réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et de la soussignée à la question parlementaire no 705 du 13 novembre 2014 de Monsieur le député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

La Ministre de la Santé,

Lydia MUTSCH

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LÉGISLATION
Reg.: SCL:
Entré le: 13 JAN. 2015
CE:
CHD:
Copie à

137-0C0001 2004052S-FR

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63
Adresse postale
L-2935 Luxembourg
ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

13 JAN 2015

**Réponse de la Ministre de la Santé et du Ministre de la Sécurité sociale à la question parlementaire n° 705 de Monsieur le député Fernand KARTHEISER concernant l'avortement.**

---

Am Joer 2013 sinn am Ganzen 589 Uterus Ausschabunge remboursëiert ginn, wéi de folgenden Tableau vun der Gesondheetskees dat weist.

| Acte | Nombre d'actes | Nombre total de femmes | Nombre de femmes mineures | Nombre de femmes majeures |
|---|---|---|---|---|
| 6A71 - Évacuation d'un utérus gravide par curetage ou aspiration, avant 14 semaines de grossesse | 534 | 519 | 12 | 507 |
| 6A72 - Évacuation d'un utérus gravide par hystérotomie ou par procédé médicamenteux, après 14 semaines de grossesse | 55 | 54 | | 54 |
| **Total** | **589** | **573** | **12** | **561** |

Dës Zuele soll een awer mat Virsiicht interpretéieren, well ugeholl gëtt datt d'IVGen och ënnert dëse Code remboursëiert ginn, vu dass d' Nomenclature vun den Acten a Servicer vun de Dokteren keng spezifesch Positioun fir den Avortement virgesäit.

Am Kapitel 6 "*Gynécologie*", Ënnersectioun 5, déi den Titel dréit « *Évacuation chirurgicale d'un utérus gravide (avant la date de viabilité légale du fœtus)* » gëtt et folgend Coden :

- 6A71 « *Évacuation d'un utérus gravide par curetage ou aspiration, avant 14 semaines de grossesse* » *(tarif à partir du 01.03.2014 : 94,70€)* ;
- 6A72 « *Évacuation d'un utérus gravide par hystérotomie ou par procédé médicamenteux, après 14 semaines de grossesse* » (tarif à partir du 01.03.2014 : 189,50 €).

D'Acten 6A71 et 6A72, déi am Joer 2013 vun der Gesondheetskees en charge geholl gi sinn, si vun ongeféier 50 Gynécologen, déi zu Lëtzebuerg praktizéieren, prestéiert ginn.

Well awer verschidden Dokteren an enger Associatioun praktizéieren, kann d' Zuel vun den Dokteren, déi eng IVG zu Lëtzebuerg ausféieren, variéieren.

All mënschlecht Substanz déi am Kontext vun enger chirurgescher Interventioun gewonne gëtt, gëtt mat Respekt behandelt, esou wéi dat vun der medezinescher Ethik an der medezinescher Professioun verlaangt gëtt.

D'Notifikatioun vum Doud, och wann net gesetzlech festgeluecht, ass am Kontext ze gesi vun der „Viabilitéit" vum Embryo: Bis virun etlech Joeren wor et Usus hei zu Lëtzebuerg ab der 28. Schwangerschaftswoch *(SW)* eng Doudeserklärung auszefëlle beim Ofgang oder Ofdreiwung aus medezinesche Grënn vun engem Foetus. Den Ablack gëtt dëst gemaach ongeféier ab der 22. Woch, awer net méi fréi.

Ab dësem Zäitpunkt gëtt et Offere vu verschiddene Kliniken, wann d' Elteren dëst froen a wënschen, fir eng Bestattungsfeier ofzehalen. Bis haut huet sech d'Fro vun enger Bestattung awer nach net gestallt.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63
Adresse postale
L-2935 Luxembourg
ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

137-000001-20040525 FR

Di stierflech Iwwerreschter déngen weder wëssenschaftlechen nach ekonomeschen Zwecker. Dëst ass just méiglech wann d' Mamm explizit derno freet, oder de Fall gesat et géife medezinesch Indikatioune bestoen, fir eng weiderféierend Diagnostik ze man, *(z.B. am Kader vun enger Ofdreiwung aus medezinesche Grënn / genetesch Erkrankung....)*

D'Tissuen ginn och nët u Biobanken oder Firme viruginn oder verkaaft.

Am Joer 2013 si folgend Beträg vun der Gesondheetskees en charge geholl ginn :

| Acte | Montant pris en charge en 2013 |
|---|---|
| 6A71 - Évacuation d'un utérus gravide par curetage ou aspiration, avant 14 semaines de grossesse | 101.227,04 € |
| 6A72 - Évacuation d'un utérus gravide par hystérotomie ou par procédé médicamenteux, après 14 semaines de grossesse | 14.869,00 € |
| **Total** | 116.096,04 € |

Do muss een awer präziséieren dass dës Zuelen sech nëmmen op d' Honoraire vun de Spezialisten, déi eng IVG ausféieren, eventuell nach engem Assistent, dem Spezialist fir Reanimatioun an awer och d' Suppléménten fir Acten, déi tëschent 20 Auer owes a 7 Auer mueres, op engem Sonndeg oder engem gesetzleche Feierdag bezéien.

Par conter, d'Frais fir Soinsen, pharmazeutesch Produiten, Analysen, Vir- an Nountersuchungen sinn net an dëse Statistiken enthalen. Duerfir ass et ganz schwiereg, souguer praktesch onméiglech déi genee Käschte vun esou enger Interventioun ze kennen.

Am Joer 2012 sinn 1.413.766 Euro un de Planning familial gefloss ( dovun 1.207.349 Euro fir Gehälter an 206.417 Euro fir Fonctionnementskäschten). Am Joer 2013 war dat e Montant vun 1.658.668 Euro (dovun 1.323.781 Euro fir Gehälter an 334.888 Euro fir Fonctionnementskäschten).

Am Joer 2012 sinn doriwwer eraus 74.338,65 Euro rembourséiert ginn fir Fraisen ze decken wat Medikamenter an Medizin technescht Material ubelaangt. Dëse Posten chiffréiert sech am Joer 2013 op 79.988,82 Euro.

D'Regierung gedenkt net de Prinzip vun der Prise en charge vun der IVG duerch d' Gesondheetskees a Fro ze stellen.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

137-000001 20040525-FR